

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4603. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

# 10. Projet de loi 4603 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

## Rapport de la Commission juridique

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, traditionell gëtt et um Enn vum Joer zwee Gesetzesprojeten, déi an dësem Plenum virgedroen an ofgestëmmt ginn. Et sinn dëst de Budget an d'Habilitatiounsgesetz.

D'Habilitatiounsgesetz oder d'Vollmachtsgesetz fir d'Joer 2000 gesäit vir, dass eise Groussherzog, d'Exekutiv also, bis den 31. Dezember 2000 d'Méiglechkeet huet, an Drénglechkeetsfäll a wirtschaftlechen a finanzielle Beräicher ze reglementéieren. Dës Reglementer, ier se a Kraaft trieden, mussen dem Statsrot fir Avis ënnerbreet ginn, an d'Chamber, iwwer d'Commission de Travail, muss och an dës Prozedur mat agebonne ginn.

Dir erënnert Iech bestëmmt, dass fir d'Vollmachtsgesetz vum 1999 de Statsrot eng Opposition formelle gemaach hat, well en net averstane war, dass esou Reglementer Sanktiounen oder Strofe kéinte festleeën. Dës Reglementer géifen esou géint den Artikel 14 vun der Verfassung verstoussen. Dësen Artikel 14 beseet, dass Strofen nëmmen an engem Gesetz kënne festgeschriwwen ginn. Dofir huet d'Regierung am heitege Projet spezifesch déi Beräicher ausgeschloss, wou d'Verfassung nëmmen e Gesetz virgesäit, dat heescht déi sougenannte "matières réservées à la loi". Aus dëse Grënn huet de Statsrot a sengem Avis vum 30. November 1999 bei dësem Projet de loi keng Opposition formelle gemaach an dëse Projet guttgeheescht.

Ouni wëlle virzepräifen, muss ech soen, dass traditionell d'Majoritéitspartei fir dëse Projet stëmmen an d'Oppositionsparteien dergéint.

## (Interruption)

Ech hu gesot "ouni wëlle virzepräifen". An der Commission juridique ass et esou gaangen. Et muss een nolauscheren an de Kommissiounen.

D'Oppositionsparteie stëmmen dergéint, well se - esou hu se op d'mannst an der leschter Zäit gesot - der Regierung hiert Vertrauen net kënnte ginn. D'Debatt iwwer d'Vollmachtsgesetz soll net op e parteipoliteschen Niveau gestallt ginn, wou se iwwerhaapt net higeheiert. D'Habilitatiounsgesetz ass keng parteipolitesch Ugeleeënheet. Et geet net ëm d'Vertrauen an d'Regierung, et geet ëm d'Vertrauen an eist Land.

## (Interruptions diverses)

**M. le Président.**- Här Santer, loosst Iech net provozéieren.

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- Ech loosse mech net vun der Opposition provozéieren. Dofir si se an der Opposition.

Wa mer op déi Lëscht kucken, déi säit 1991 d'Reglementer oplëscht, déi iwwer d'Habilitatiounsprozedur ugeholl gi sinn, da mierkt een, dass nëmmen 11 Reglementer ugeholl gi sinn, a vun deenen 11 hunn der 7 - also déi grouss Majoritéit - international Verflüchtungen fir eist Land zrëckginn: Sanktiounen géint Libyen, Jugoslawien, Montenegro, Serbien.

Wären esou Texter iwwer déi normal legislativ Prozedur gelaf, ouni emol d'Drénglechkeet vun esou Mesuren ze berücksichtegen, wär e breede Konsens, ech soen net Unanimitéit, an dësem Plenum zustane komm. Och wann ee parteipolitesch kee Vertrauen an d'Regierung huet, kann een net behaapten, dass esou Sanktiounen géint de Gaddafi oder de Milosevic eng lëtzebuergesch parteipolitesch Fro sinn. D'Drénglechkeet rechtfertegt, dass esou Mesuren iwwer d'Habilitatiounsgesetz ergraff ginn.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Wie gëtt eis d'Garantie, dass an Zukunft nëmmen esou Matière wäerten ënnert dat Reglement falen. Dat weess een net am Viraus!

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- Här Bodry, Dir waart laang genuch an der Regierung, fir ze wëssen, dass de Statsrot an d'Commission de Travail ëmmer mussen an dës Prozedur abegraff ginn.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- An der Commission de Travail décidéiert erëm eng Käier d'Majoritéit.

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- Et schéngt eppes Neies fir Iech ze sinn.

**Une voix.**- Den Här Bodry schwätzt, wéi wann hien ni derbäi gewiescht wier.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir wäert waarscheinlech ni derbäi sinn.

## (Hilarité)

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- D'Regierung huet an deene leschte Jore bewisen, dass d'Vollmachten nëmmen a ganz spezifesch Fäll benotzt ginn. Ech hu Vertrauen an dës Regierung an an dëse Stat, an dofir géif ech Iech froen, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech ginn och den Accord vun der Fraktioun vun der CSV.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den Här Bodry huet d'Wuert.

## Discussion générale

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Vollmachtsgesetz ass näischt Neies. Dat huet den Här Rapporteur mat Richtigkeet ervirgehuwen, an et ass och, géif ech soen, keng Fro direkt vu Parteipolitik, mä et ass, wéi e ganz richteg a senger Konklusioun gesot huet, eng Fro vu Vertrauen. Hei bewege mer eis am Beräich vum Mandat, am Beräich vun der

Procuratioun, enger Vollmacht, déi een engem gëtt, an eng Vollmacht ginn, dat heescht, dass ee muss vollt Vertrauen an déi Persoun oder déi Institutioun hunn, wou een déi Vollmacht gëtt. Wann dat Vertrauen net voll do ass, da stellt ee keng Vollmacht aus. Dat schéngt mer d'Logik selwer ze sinn, an et ass déi Logik, déi selbstverständlech och wäert d'Positioun vun eiser Fraktioun bestëmmen.

Hei geet et net, wéi ee vläicht kënn mengen, wann een den Text liest, ëm e Gesetz, wou d'Chamber als Institutioun dem Grand-Duc als Institutioun eng begrenzten Delegatioun vu Pouvoire gëtt, mä politesch a praktesch handelt et sech ëm e Gesetz, an dat war nach ni anescht a wäert och an Zukunft ni anescht sinn, wou am Virfeld vun engem Joer d'Majoritéit vun der Chamber der Regierung eng zäitlech begrenzten an och materiell ofgegrenzte Vollmacht gëtt.

Am Fall vun Drénglechkeet, déi d'Regierung eleng feststellt, dat muss een ervirsträichen, ka se, wa se déi Vollmacht kritt - an déi viregt Regierungen hunn dat nach ëmmer duerch hir respektiv Majoritéite kritt, et wier och komesch, wann net, well da wier eng Regierungskris do -, am ekonomeschen an am finanzielle Beräich reglementéieren, an enger Matière, wou normalerweis de Législateur géif agéieren, dat ënnert der Noutwendegkeet haaptsächlech vun enger internationaler Entwécklung, fir schnell kënnen ze reagéieren, wat leider, muss ech soen, mat eise legislative Prozeduren net ëmmer méiglech ass. Dat ass eng Fro, wou mir eis scho virun e puer Méint virgeholl haten, dass mir déi sollten ugoen a vläicht och an eenzelne Fäll eng vereinfacht legislativ Prozedur aféieren; da brauch een net op esou Vollmachedesetzer zrëckzegräifen.

D'Chamber als Ganzt, dat muss ee wëssen, ass bei där dote Prozedur ausgeschloss. Iwwer deen Akt vun der Regierung, wann d'Regierung esou een hält, fënnt keng öffentlech Diskussioun am Parlament statt. Et gëtt gefrot den Avis vum Statsrot, deen awer net bannend ass, an et gëtt och den Assentiment vun der Aarbechtskommissioun vun der Chamber gefrot, wou d'Majoritéit den Toun ugëtt. Dat si Sitzungen, déi à huis clos stattfannen.

Déi respektiv Regierungen hunn, ënnert dem Drock vum Conseil d'Etat a vun de jeweilige Chamberen, eng Rei vu Garde-fous an dat Vollmachedesetz agebaut. Et ass e Gesetz, wat op ee Joer all Kéiers begrenzt ass, an iwwer d'Consultatioun vum Statsrot an iwwer d'Aarbechtskommissioun vun der Chamber ass e gewëssent Matsproocherecht, zumindest vun der Majoritéit, garantéiert.

Nei an deem heiten Text - et war fir d'éischt de Fall déi leschte Kéier -, op Grond vun enger Opposition formelle, déi de Statsrot 1998 formuléiert hat, ass eng aner Dispositioun komm, Dispositioun, déi eng Rei vu Froen opwerft. Ech wär frou, wann d'Regierung do kéint eng Äntwert ginn.

Ausgeschloss sinn ewell expressis verbis aus där Vollmacht Matière, wou d'Verfassung seet, dass de Législateur déi Matière ze regelen huet. An et gëtt ee Beispill geholl, an dat hu mer a fréieren Texter vun deem Voll-

machedesetz erëmfondt, dat vum Artikel 14 vun der Verfassung, wou dra steet, dass keng Strof ka festgeluegt ginn ouni Gesetz, dass also keng stroferechtlech Dispositiounen kënnen iwwer Règlement grand-ducal geholl ginn. Dat wär, mengt de Statsrot, net konform zu eiser Verfassung, op Grond vun deene leschten Uerteler, déi d'Cour constitutionnelle geholl huet.

Ech erlabe mer do eng Fro ze stellen. Ech gi gären zou, ech hätt mir déi och misse stellen, wéi ech an der Regierung war.

*(Hilarité)*

Ech konnt fir mech, dat soen ech ganz éierlech, keng zefriddestellend Äntwert fannen, well se eigentlech och dat a Fro stellt, wat déi viregt Regierung vum Dispositiounen geholl huet op Grond vun deene jeweilige Vollmachedesetzer. An zwar ass et esou, dass et jo net nëmmen den Artikel 14 gëtt vun eiser Verfassung, dee seet, dass d'Gesetz verschidde Matière regelt, an nëmmen d'Gesetz - dat ass d'Interpretatioun vun eise Verfassungsgeriicht a vum Conseil d'Etat -, mä notament den Artikel 11. Deen zielt eng ganz Rëtsch vu Matière op, wou et nëmmen de Législateur ass, deen d'Gesetz ka reglementéieren. Ënnert deenen ass zum Beispill d'Recht op Aarbecht, ass déi ganz Matière vun der Sécurité sociale dran, ass - an do kommen ech op dee kriddelege Punkt, an ech wär frou, wann de Statsminister an de Rapporteur vläicht kënn an hirer Äntwert drop agoen - d'Liberté du commerce et de l'industrie, wou an eiser Verfassung am Artikel 11 dra steet, dass déi am Prinzip absolut ass, mä dass nëmme kënn Restriktiounen festgeluegt ginn duerch de Législateur.

A wann ech dann d'Beispiller kucken, déi den Här Santer hei ugefuert huet vun Dispositiounen, déi bis elo geholl gi sinn a waarscheinlech och wäerte graff d'Ausrichtung duerstelle vun deem, wat des Regierung vläicht vun Dispositiounen op Grond vun deem Vollmachedesetz hält, da stellt ee fest, dass dat meeschtens Aschränkunge waren zur Handels- an zur Industrie-freiheet.

Elo seet d'Verfassung, nëmmen de Législateur ka Restriktiounen festleeën. Or, op Grond vun deem heite Vollmachedesetz, wat nëmme spillt an deene Matière, et spillt jo nëmmen a wirtschaftlechen a finanzielle Beräicher, freet ee sech, ob dat Vollmachedesetz net eigentlech eng eidel Hüls ass. Wann d'Regierung dohin-ner geet, op Grond vun deem Vollmachedesetz do, a si hält iwwer Règlement grand-ducal Aschränkungen zur Handels- an zur Industrie-freiheet, gewëssen Transaktiounen, déi net méi dierfe stattfannen, Wirtschaftssanktiounen, déi net dierfesat ginn, da stellt sech fir mech d'Fro, ob se net, zumindest no der Interpretatioun vun eise Verfassungsgeriicht, géint d'Verfassung verstéisst, wa se esou eppes mécht, an domat de Risiko leeft, dass esou eng Dispositioun och kann illegal erklärt ginn duerch eist Verfassungsgeriicht, wann een eng Kéier op Grond vun deem do Text géif eng Klo aféieren.

Dat sinn, mengen ech, seriö Awänn, déi een hei muss diskutéieren. Ech selwer sinn net Member vun der Commission juridique, dofir konnt ech déi och net éischter abréngen, mä déi si mir wierklech komm bei der Preparatioun vu menger Interventioun vun haut de Mëtteg, an ech mengen, dass et schonn der Méi wäert ass, sech e bësse méi am Detail mat där do Fro ze befaassen, well mer elo an engem System vu Verfassungskontroll dra sinn, wou all Akt ka viru Geriicht contestéiert ginn. Dat do ass ee seriöe Problem, dee sech stellt.

Ech kommen zur Konklusioun. Ech mengen, ech brauch net méi wäit auszuhuelen. Kee stellt am Prinzip a Fro, dass eng Regierung sech wëllt vun hirer Majoritéit eng Vollmacht gi loossen, e bëssen e Blankoscheck, fir kënnen am Laf vum Joer op eng urgent Situatioun ze reagéieren. Dat stellt keen a Fro. Jiddefalls och eis Fraktioun an der Oppositioun stellt esou eng Vollmacht am Prinzip net a Fro.

Grad esou normal ass et awer, dass d'Vertraue selbstverständlech muss do sinn an der Regierung, dass se dat Gesetz richteg asetzt, an dass se an deene Fäll, wou se géif reglementéieren, och an déi richteg Richtung géif reglementéieren. Mir hunn dat Vertrauen net als Oppositioun an dës Regierung, op Grond vum Programm, op Grond vun deem, wat an deene leschte Méint geleescht ginn ass, a mir mengen, dass et normal ass, dass d'Majoritéit der Regierung hiert Vollmachtesgesetz stëmmt an d'Oppositioun, déi kee Vertrauen an d'Regierung huet, well soss wär se an der Majoritéit, esou e Vollmachtesgesetz net stëmmt. Mir ware während 15 Joer an der Majoritéit. Mir hunn dat Vollmachtesgesetz gestëmmt, well mer Vertrauen an déi jeweilig Regierung haten. Mir sinn elo an der Oppositioun. Mir hu kee Vertrauen an dës Regierung, an dofir kënne mir dat heite Gesetz net stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Rolle sinn dës Joer natierlech vertauscht.

*(Interruption)*

An ech ka mech nach vill besser un d'virlescht Joer erënneren, wou ech d'Démissioun vun der Regierung gefrot hat. Et ass vläicht un dat Joer, Här Statsminister, wou Dir Iech erënnert. Dat war 1997. Mä dat wäert ech haut awer net maachen, Här Statsminister, ech wëll jhust nëmme soen, dass dem Här Bodry seng Remorden e bësse spéit kommen.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Et ass net falsch. Mir ginn op de Fong an.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Ech sinn op de Fong agaangen.

**M. Ady Jung (CSV).**- Et ass gutt, dass den Här Bodry zrëck an d'Chamber komm ass, well soss wäert mir dat alles net gewuer ginn.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Domat géif ech net spaassen. Et ass eng ganz seriö Affär, Här Jung. Et ass kee Spill.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Ech si frou, dass den Här Bodry a senger Interventioun sech ganz besonnesch op d'Verfassung berëft an op d'Verfassungsgeriicht, ausgerechent d'sozialistesche Fraktioun an d'sozialistesche Partei, déi géint d'Institutioun vun engem Verfassungsgeriicht waren.

Ech ka mech nach un d'Interventioun vum Här Goebbels erënneren, deen ëmmer vun engem Gouvernement des juges geschwat huet, an dofir sinn ech e bëssen erstaunt iwwer déi verfassungsrechtlech Bedenken, déi hei vun der sozialistescher Fraktioun ervirkommen, étant entendu dass ech zejor déiselwecht Iwwerleeungen a verfassungsrechtlech Bedenken a menger Interventioun hat, wou ech keng politesch Interventioun gemaach hunn op Grond vun der Opposition formelle vum Statsrot.

Är Fraktioun huet net op dat reagéiert. Si huet ganz einfach d'Gesetz gestëmmt, an ech muss soen, et gëtt effektiv eng Rei vu verfassungsrechtliche Bedenken, déi ee ka bei deem Gesetz uféieren. Natierlech ass et eng Questioun vu Mandat. Et ass och eng Questioun vu Vertrauen an d'Regierung, an aus där Considératioun eraus ass et ganz evident, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei Vertrauen an dës Regierung huet, ganz besonnesch och, well si do mat participéiert, an dofir wäerte mir och dat Gesetz stëmmen.

Ceci étant dit, wär et awer vläicht net schlecht, well mir hunn ëmmer dorop higewisen, och wéi mir an der Oppositioun waren, an net eleng aus politesche Grënn, well et eng Question de confiance oder eng Question de mandat ass, an eis effektiv ëmmer gefrot, ob esou e Gesetz iwwerhaupt noutwendig ass?

Wat geschitt, wa mir der Regierung déi Vollmachten net ginn? Da muss eben an deene Fäll, wou d'Regierung eis brauch, d'Chamber an der Vakanz zesumme kommen. D'Fro stellt sech, ob mer bereet sinn, dat ze maachen. Mir vun eiser Fraktioun hunn ni Schwieeregkeete gehat. Och dann, wa bei ganz wichtege Gesetzer d'Chamber während der Vakanz géing zesummegeruff ginn, wäert mir prett a bereet, heihinner ze kommen.

D'Fro stellt sech an deem Kontext, ob een dat do soll bäibehalen, esou wéi mir dat an deene viregte Legislaturperioden och gesot hunn. En définitive bleift et, weenigstens momentan, wou mir mat dësem Gesetz konfrontéiert sinn, eng Questioun vu Vertrauen. Dës Vertrauen hu mir an d'Regierung, an dofir wäerte mir dës Gesetzesprojet och stëmmen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Traditioun, datt mer all Joers zum Schluss vum Joer hei eng Diskussioun kréien iwwer d'Vollmachtegesetz, wou mer der Regierung d'Rechter ginn, fir a Situatiounen, wou d'Parlament net tagt, kënnen déi Décisiounen ze huelen, déi sech zu deem Zäitpunkt opdrängen.

Et ass och eng gewësse Routine doranner festgelaaf. Wéi bei all wichtege Projet hunn ech mer och hei d'Méi gemaach, fir emol an d'Archive vun der Chamber zrëck kucken ze goen, wéi dat sech déi lescht 15 Joer verhalen huet. Ech hunn erausfonnt, datt während 15 Joer d'sozialistesche Partei ëmmer Jo gestëmmt huet beim Vollmachtegesetz, an d'demokratesche Partei huet während 15 Joer ëmmer mat Nee gestëmmt.

Den ADR ass 10 Joer an deem Parlament. Dovunner hu mir 9mol Nee gestëmmt. 1994 hate mer eis enthalen, an dat mat gudder Grënn, well deemools ware Chamberswalen en vue, a kee wousst am Dezember, ob net vläicht dat Joer drop am Juni den ADR an der Regierung wier.

(Hilarité)

Aus Virsiicht hu mer eis deemools enthalen. Mä, Här President, wéi Der wësst, datt huet alles näischt gedéngt, an zënterhier stëmme mer erëm mat Nee beim Vollmachtegesetz.

**Une voix.**- Dir stëmmt och nach laang mat Neen!

(Interruptions)

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Virun allem bei dëser Regierung gesi mir net an, Här President, firwat datt mer hei sollen e Vollmachtegesetz stëmmen, fir der Regierung Rechter ze ginn, fir ze decidéieren, wann d'Parlament net tagt, wou mer als Parlament gäre géifen tagen. Mir hu muer wahrscheinlech keng Sitzung. D'nächst Woch wollt mer eng halen. Firwat kënne mir keng halen? Well mer keng Projekte vun dëser Regierung kritt hunn. Mir wieren also frou, wann d'Regierung emol géif hir Aarbecht maachen zu där Zäit, wou d'Parlament géif tagen. Wa mer do ausgelascht wieren a géife gesinn, datt effektiv nach méi usteet, wéi mer packen, da kéint een iwwer e Vollmachtegesetz stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleiwen dofir eiser Traditioun treu. Mir als ADR trauen dëser Regierung alles zou.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, et ass elo schonn oft genuch vun deem Ritual hei geschwat ginn, wou d'Rolle vu Majoritéit an Opposition kloer verdeelt schéngen ze sinn, ausser dass dëst Joer eben d'Kostümer vertosch gi sinn.

Opfälleg ass dësen Tosch haaptsächlech bei der DP, déi sech ëmmer ganz staark géint d'Habilitatiounsgesetz gewiert huet. Et ass och scho gesot ginn, dass se d'lescht Joer an och schonn dat Joer virun déi fréizäiteg Oplesung vun der Chamber gefuerdert huet. Vlächet ass et elo dës Kéier nach e bësse fréi, fir dat ze maachen, a vlächet huet se sech dofir dovunner enthalen, fir dat dëst Joer och ze proposéieren. D'CSV brauch dogéint och dëst Joer hiert Verspreechen net anzéleisen, wat se schonn emol op dëser Plaz gemaach huet, fir och an der Opposition fir d'Habilitatiounsgesetz ze stëmmen.

Wann een och schonn aus Prinzip ka skeptesch si vis-à-vis vun deem Habilitatiounsgesetz, da gëtt et dëst Joer awer net onbedéngt méi Grënn wéi fréier, fir der Regierung op dës Aart a Weis d'Vertrauen auszuschwätzen. Déi Majoritéit, op där se baséiert, zeechent sech, eiser Meenung no, och net grad duerch Transparenz an Dialog aus. Vertrauen ass eng Saach vun Zäit, heescht et an enger Reklam. Mir haten an där kuerzer Zäit, an där mer elo mat dëser Regierung ze dinn haten, nach net esou vill Geleeënheet, fir dass eng grouss Vertrauensbasis kéint entstoën.

Eng Réflectioun vlächet zum Schluss. Et ass schonn hei ugeklungen, ob een net vlächet misst driwwer nodenken, ob et keng aner Weeër gëtt, fir mat Noutsituatiounen eens ze ginn, wéi d'Iwwergang vum Parlament. Ëmmerhin hate mer 1915, wéi d'Habilitatiounsgesetz fir d'eischt agefouert ginn ass, eng Krichssituatioun hei zu Lëtzebuerg, an an där Situatioun si mer jo elo awer net grad. Et stellt een och fest, datt, wann et ëm Pensiounsgesetz oder Regierungserklärungen geet, et dann duerch aus méiglech ass, datt dann d'Chamber d'urgence zesumme kënnt. Also gesi mir net an, firwat dat net kann an anere Situatiounen de Fall sinn. Ech wëlt just drop hiweisen, datt am däitsche Bundestag eng procédure d'urgence existéiert, fir an esou Fäll d'Parlament dann awer zesummen ze ruffen.

Dat gesot, Här Parlament, wëlt ech dann awer nach eng Kéier betounen, dass mir als gréng Fraktioun dëser Regierung eist Vertrauen op déi Aart a Weis net kënnen ausschwätzen.

**M. le Président.**- D'Diskussioun vun den Deputéierten ass elo um Enn, an den Här Minister Luc Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gär kuerz am Numm vun der Regierung zu deem Projet Stellung huelen. Ech bieden Iech, de Statsminister ze entschëllegen, deen an eng Audienz bei de Grand-Duc geruff ginn ass.

Et ass fir d'Regierung e relativ wichtegt Gesetz, net nëmme fir dës Regierung, mä och fir déi vu virun a fir déi, déi duerno kommen, well et ganz einfach d'Funktionsfäegkeet vum Stat assuréiert ënner verschiddene limitativ am Gesetz festgeluegtenen Ëmstänn. Et gëtt nun emol Momenter an engem Land, wou d'Regierung muss a Matière, déi normalerweis vum Parlament ofgeseent ginn, schnell kënnen handeln. Et gëtt der iwwregens net

nëmmen am Beräich vun der Ekonomie an de Finanzen, et gëtt se och op anere Pläng, mä dëst Habilitatiounsgesetz limitéiert sech op Moossnamen am wirtschaftlechen a finanzielle Beräich.

An de leschte Joren - an de Rapporteur ass drop agaangen - waren et virun allem Moossnamen am Beräich vun de Sanktiounen. Ech erënneren awer drun, datt am leschte Jorzéngt och esou Reglementer hu misse geholl ginn, wa wichteg währungspolitesch Entscheedungen hu misse getraff ginn. Do ass et nun emol net ëmmer méiglech, fir ëmmer d'Parlament a senger ganzer Entitéit am Plenum zesummen ze kréien.

Ech mengen, datt d'Kritik, d'Parlament wär ausgeschloss, eng falsch ass, an deem Sënn, datt - wéi och den honorablen Här Bodry drop higewisen huet - d'Commission de Travail muss hiren Assentiment ginn. Sécher - sou sot den Här Bodry -, dat geschitt hanner zouenen Dieren. Mä wann ech kucken, wéi an de Medien en enke Suivi gemaach gëtt vun de Sitzunge vun de Kommissiounen, datt och haut d'Kommissiounssitzungen am Prinzip net méi an deem Sënn à huis clos sinn, datt duerno d'Deputéiert intensiv kënne matdeelen, wat dobanne gesot ginn ass, kéint ech mer also net virstellen, datt, wann den 1. August eng Commission de Travail géif beiennee kommen, d'ganz Lëtzeburger Land dat net géif matkréien. Et gëtt also hei just e Mechanismus, datt, wann d'Leit an der Vakanz sinn an et musse schnell Mesurë geholl ginn, een da ka mat engem Miniparlament, wat d'Commission de Travail ass, wou all Fraktiounen dra vertruete sinn, verschidde Moossnamen décidéieren.

Ech notéieren a soen, dass et richtig ass, datt et am Ausland verschidden aner Procédures d'urgence gëtt. Et ass och vläicht ubruecht, sech emol eng Kéier déi Procédures d'urgence unzekucken. Fest steet awer, dass och déi aner Parlamenter extra Prozeduren hu fir esou Situatiounen. Et ass dat, wat mer mussen assuréieren. Wa mer an deenen nächste Joren am Ausland - d'Mme Wagener huet vun Däitschland geschwat - besser Prozedure fanne wéi d'Habilitatiounsgesetz, da soll een dat kucken, an da kann een dat och le cas échéant maachen. Mä en l'absence vu besseren, schnelle Prozedure soll ee sech dat hei Instrument halen.

Zum Inhalt huet den Här Bodry eng Fro virun allem opgehäit, mä ech géif eng zweet an där Diskussioun drun hänken. Seng Fro war déi: Matières réservées à la loi, wat ass dat am Kontext notament vun der Liberté de Commerce, wou effektiv an der Verfassung steet, datt nëmmen d'Gesetz kann Ausnam zur Liberté du commerce maachen? Et ass eng richtig a schwiereg Fro, an ech weess net, ob een déi honnertprozenteg Äntwert huet. En fait ass et d'Cour constitutionnelle, déi déi richtig Äntwert hätt.

Ech mengen awer kënnen ze soen, dass d'Liberté de commerce, esou wéi se an der Verfassung steet, eng Fräiheet ass, déi sech hei um Lëtzeburger Territoire applizéiert, datt déi verfassungsrechtlech Fräiheeten, déi an der Verfassung stinn, am Fong an engem nationalen, konstitutionellen Uerder musse gesi ginn, an datt, wann

ee seet, mir verhängen hei Sanktiounen géint den Irak oder géint Serbien, dat da keng Aschränkung vun der Liberté de commerce ass, esou wéi se sech um Lëtzeburger Territoire applizéiert. An deem Sënn mengen ech, datt déi Reglementer, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn, notament am Beräich vun de Sanktiounen oder am Beräich vun der Währung, näischt mat enger Aschränkung vun der Handelsfräiheet ze doen haten.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- An déi blockéiert Bankkonten?

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, Ministre du Trésor et du Budget.**- Ech géif dat net onbedéngt am Beräich vun der Aschränkung vun der Handelsfräiheet situéieren. Et ass eischer eng Mesure conservatoire, déi wuel an engem spezifesch Moment vläicht net all Transaktiounen erlaabt, mä ech géif net mengen, datt dat eng Aschränkung am Sënn vum Artikel 11 vun der Verfassung vun der Handelsfräiheet wär.

Déi aner Dispositioun, déi zu Bedenken Ulass gëtt, déi de Rapporteur ugeschnidden huet, ass déi vun de Strofen, déi net méi kënnen an deene Reglementer virgesi ginn, nämlech well d'lescht Joer de Conseil d'Etat gesot hat, keng Strof ouni Gesetz. Da kënnt Der och net an deene Reglementer Strofe virgesinn. An där viregter an an dëser Regierung si vill Leit, an och de Justizminister, där Meenung, dass dat eng falsch Interpretatioun vum Conseil d'Etat ass. Well wat d'Habilitatiounsgesetz en fait gemaach huet, war just, fir ze soen, wéi dat Strofmooss an deem Fall soll ausgesinn.

"Nulla poena sine lege". D'Peine gëtt also am Gesetz fixéiert, nämlech am Habilitatiounsgesetz, a se gëtt dann ëmgeschriwwen an dat jeweilegt Reglement, dat ënnert deem Habilitatiounsgesetz geholl gëtt. Mir hunn trotzdem als Regierung net gemengt, mir sollten dat an d'Gesetz draschreiwen, well mir wollten net mat enger Opposition formelle vum Conseil d'Etat hei konfrontéiert ginn. Mir respektéiere selbstverständlech déi Meenung, déi de Conseil d'Etat do d'lescht Joer hat.

Ech muss awer nach eng Kéier soen, dass dat deem Gesetz hei ganz vill Efficaciteit ewechhëlt. Well wa mer Sanktiounen verhängen géint d'Regierung vu Jugoslawien, a wa mer Sanktiounen musse verhängen, datt zum Beispill verschidden Diktatoren während Krichssituatiounen net hei kënnen hir Konte gebrauchen, wa mer awer zugläch keng Sanktiounen hunn, fir dat och kënnen ze imposéieren vis-à-vis vun deenen, déi dat Reglement mussen uwenden, dann ass natierlech do ganz vill vun där Efficaciteit vun deem Reglement fort, op d'mannst vis-à-vis vun deenen, déi sech net wellen un d'Gesetz halen. Dat ass e reelle Problem. Mir kruten en och nach net geléist, well mer mengen, datt fir d'Peine dann nëmmen e Gesetz méiglech ass. Or, dat brauch seng Zäit, an dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer eis Gedanke maachen, wéi mer eng aner Procédure d'urgence kënnen zesumme mam Parlament an deenen nächste Jore fannen.

Dat gesot, Här President, mengen ech, datt dat hei, trotz alle Schwierigkeiten, déi et hei no sech zitt, e Gesetz ass, wou mer frou wieren, wann et géif gestëmmt

gi vun enger breeder Majoritéit am Parlament. Ob Dir Vertrauen hutt an dës Regierung oder net, dat ass hei net d'Fro, mä mir soe virum alle Leit hei am Land, datt vun dësem Gesetz keen Abus gemaach gëtt, datt et nëmmen an extremen Noutfäll am ekonomeschen a finanzielle Beräich gebraucht gëtt. Eng Regierung weess ëmmer, datt se virum Parlament a virum Land verantwortlech ass. Se weess och ganz gutt, wa se heivunner géif abuséieren, wat d'Sanktiounen fir si wäeren. An deem Sënn hoffen ech, datt dëst Gesetz ka mat enger breeder Majoritéit gestëmmt ginn.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4603 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4603.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 34 Jo- a 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer).*

*Ont voté non:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jean Colombero) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. André Hoffmann.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

## 11. Projet de loi 4590 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000 (Suite)

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech ginn dovun aus, dass mer den Text iwwer d'TVA zrëckversetzen, well mer den Avis vum Conseil d'Etat nach net hunn.

Ech wollt awer net dozou schwätzen, mä ech wollt, mat der Erlabnis vum President a vun der Chamber, d'Motioun vum eiser Fraktioun zum Budget ofginn.

Ech weess, dass mer elo net an enger Budgetsdebatt sinn. Ech hätt dat kënnen en Donneschdeg de Mueren maachen, mä ech fannen dat net ganz fair vis-à-vis vun de Kollegen, ech fannen, dass se déi Motioun solle vir-druck hunn, dofir maachen ech dat elo, wann Der et erlaabt, wann net, ginn ech se eréischt en Donneschdeg de Mueren of.

**M. le Président.**- Et ass scho gutt, wann d'Kollegen d'Motioun vir-druck hunn.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech soe merci fir d'Largesse d'esprit, déi Dir un den Dag geluegt hutt.

*Motion 14*

*La Chambre des Députés*

- *considérant le développement considérable du trafic sur le réseau luxembourgeois CFL ces dernières années;*

- *prenant acte du contenu du document de travail du Ministère de l'Intérieur lors de la Conférence Régionale Sud qui plaide en faveur de l'extension et de la modernisation de l'infrastructure ferroviaire;*

- *prenant acte des discussions pendant la Conférence Régionale Sud qui s'est prononcée positivement et prioritairement pour l'amélioration de l'offre des transports publics;*

- *constatant que le Ministre de l'Intérieur a annoncé lors de la Conférence Régionale Sud de respecter les conclusions de celle-ci lors de l'élaboration de projets futurs;*